PIRATEN

## Gëff och du Member!

Fir Member bei der Piratepartei ze ginn, kanns du einfach eng E-Mail schreiwen op ***ahoi@piraten.lu*** mat dengem Numm, E-Mailadress an Adress oder de Formular hei ënnendrënner ausfëllen.

**NUMM**

**VIRNUMM**

**ADRESS**

**E-MAIL**

**DATESCHUTZ**

☐ Ech aktzeptéieren d'Dateschutz-erklärung (*piraten.lu/dateschutz*)

PIRATEN

# PIRATEPARTEI

## modern a fair fir jiddereen

www.piraten.lu

PIRATEN

# STATER PIRATEN

## Matenee fir eng Stad fir jiddereen



Mir sinn iwwerzeegt, datt mir all zësummen vill gutt Iddie fir Eis Stad hunn.

Mir wëlle mat Iech zesummen Bestoendes kritesch hannerfroen a verbesseren a nei Iddien a Konzepter ëmsetzen.

**Piratepartei Sektioun Stad**

## Mateneen Eis Stad gestalten

D'Pirate stinn fir méi ***Biergerbedeelegung*** a méi ***Transparenz*** an der Politik... och a grad an Eiser Stad ! Jidderee soll kënne matentscheede wéi, wéi vill a wou Eis Stad wuessse sollt, wéi eng Infrastrukture mir brauchen a wou soss nach de Schong dréckt.



*De Kommitee vun de Stater Piraten*
*Vu lénks no riets: Michel Karp, Luka Krauss, Pascal Clement (Koordinator), Marie-Marthe Muller (Spriecherin), Jean Heuschling, Steve Fuchs (Spriecher)*

Jiddereen soll ***Zougang*** zu deenen dofir néidegen ***Informatioune*** kréien.

Mir Stater Pirate hätte gär ***reegelméisseg Treffen*** têschent Schäfferot, Gemengerot an de Staterinnen a Stater fir iwwert Eis Stad ze schwätzen.

## Eis Stad fir jiddereen

Fir e bessert ***Mateneen*** an de Stater Quartieren.

Eng zentral Roll fir déi ***douce Mobilitéit***, beispillsweis durch verbessert, getrennt an duerchgoend Vélosweeër a méi Foussgängerweeër.

Méi eng grouss Offer u ***bezuelbarem Wunnraum*** fir ze lounen.

En ***diversifizéierte Commerce*** fir jiddereen, dee mecht, datt een net andauernd muss op d'gréng Wiss fueren.

Fir eng Stad, wou d'***Kanner*** an d'***Jugendlech*** sech kënnen an hire Quartieren ophalen.

D'***Roll vum Auto*** am Stadkär muss iwwerduecht ginn a, generell, déi sozial a kulturell Bedeitung vun eise kléngen a grousse Plazen.

De Klimawandel weist eis däitlech, datt mir erëm ***méi Beem*** a ***manner Beton*** an Eiser Stad brauchen.

## Eis Stad fit fir d'Zukunft maachen

Den ***immense Wandel***, deen Eis Stad zanter 20 Joer erliewt, weist, datt grouss Chancen verpasst goufen, fir sech fit fir d'Zukunft ze maachen.

***Nei Iddien*** an ***nei Käpp*** gi gebraucht, fir Eis Stad nohalteg ze gestalten.

Mir mussen de Biergerinnen a Bierger hir Stad zeréck ginn, a ganz besonnesch de ***Wunnraum*** an den ***ëffentleche Raum***.

Fir alles dat brauch ee ***politesche Courage*** an eng ***aktiv Matgestaltung*** vu méiglechst ville Biergerinnen a Bierger: dofir stinn d'Stater Piraten!


**KONTAKT**

***Kommitee vun de Stater Piraten***
Tel.: 20 33 37 90
Email: stad@piraten.lu

***Piratepartei Lëtzebuerg asbl***
Tel.: 22 33 37
Email: ahoi@piraten.lu